Dén anren Dag — alt nés ëmsoss —
En drëtt Mol ko'm ech du erëm
Ech wosst meng Ried 't wor é Genoss
Ech duecht du dre's 'lo net me' ëm. —
A faktesch kaum eng Stonn gewart, —
Ech sollt fu Fréd op émol kreischen,
Hei huet sech d'Dir gro'ss op gemacht : —
« Kommt bei d'n Hèr Eyschen ».
A matt fro'em Hirz sprang'n ech gleich du op
Endlech duecht ech endlech le'sst d'Sâch sech ma'n
d'Jaquette an der Rei — alles fein tipp topp —
A gi bei d'Excellenz era'n.

Ech hât mech kaum nach firgestalt
Du go'f hie mir 'so' frëndlech d'Hand
E sot : « Et ass mer opgefalt
« Dir gleicht dem Papp et ass frappant.
« De Papp ech hun en oft gesinn
« Ech hun en oft gele'rt schëtzen —
« Kommt huelt Iech Plâtz, setzt Iech heihin
« A loss mer schwètzen. »
An en huet geschwart an en huet geschwart
d'gong an èngem Drunn o'ni Openthalt —
Alles ko'm un d'Rei — nur wât ech erwart
Dofunn ass net e Wurd gefallt.

Op émol, 'ch wéss nët we' et gong
Ganz gentil, voller Ellegenz
Ech frun der Dir elèng do stong —
A Schluss wor't matt der Audienz. —
Ech stong do — 'ch wosst net we' 't geschitt
Ech wosst nët — Lâchen oder Kreischen
Ech hât ké Wurd ze schwètze kritt
Matt dem Hèr Eyschen.
« Explize'r em klor » hât mei Frënd gesot
« So em richt eraus 'so' an 'so' gengt sto'n ».
Ech hett hie jo so' gir em sei Rôd gefrot
Mè 'ch kro'ch ké Wurd zu him zu so'n.

Issu d'une famille, très catholique, Eyschen s'était détaché — ô sans fracas ! — de l'Eglise. C'est ce fait que Batty Weber reprend dans son « Fenn Kass », dans le passage suivant :

« Die Jüngeren stritten sich jetzt darüber, ob der Ministerpräsident, der allgemein als Freidenker galt, im Grunde noch ein gläubiger Christ sei oder nicht. Und Pfarrer Brendel sagte wegwerfend : Lasst ihn einmal auf der Flanke liegen, in articulo moris, dann wird er sich schon wieder auf seinen Kinderglauben besinnen. »